adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
18 NOV. 2014
715

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2014

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

D'Fondatioun „Walk Free" huet hiren zweete Bericht iwwert global Sklaverei publizéiert (The global slavery index 2014). Lëtzebuerg klasséiert sech an deem Index, wou déi schlëmmste Länner ganz uewen an der Lëscht stinn, ganz ënnen am Klassement. Trotzdem werft de Rapport och eng Rei Froen op déi onst Land betreffen.

Wat d'Äntwerte vun der Regierung op de Problem vun der Sklaverei ugeet, krut Lëtzebuerg mat „ccc" déi schlechtesten Note. Am Bericht heescht et: „... despite having strong economies, the Governments of Iceland and Luxembourg are doing very little to address modern slavery".

Dowéinst wéilt ech dem Här Banneminister an dem Här Justizminister dës Froe stellen.

1. *Wéi beuerteelt d'Regierung dëse Rapport ? Ass d'Regierung vun der Fondatioun am Virfeld kontaktéiert ginn, an huet d'Regierung um Rapport matgeschafft ?*
2. *Deelt d'Regierung déi Analysen, déi aus deem Rapport ervir ginn ?*
3. *Laut dem Rapport géifen zu Lëtzebuerg manner wéi 100 Leit a sklavenänleche Verhältnesser liewen. Huet d'Regierung Kenntnisser iwwert esou Fäll ? Sinn esou Fäll vun der Police oder de Geriichter opgeholl gi, a wa jo mat wéi enge Konsequenzen ?*
4. *Wéi deelen esou Fäll sech zu Lëtzebuerg op, z.B. tëschent forcéiert Prostitutioun, vum Personal an de Stéit oder an der Aarbechtswelt ?*
5. *Wéi eng konkret Moossname gi vun der Regierung geholl, fir am Land präventiv géint sklavenänleche Verhältnesser virzegoen ?*
6. *Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, datt déi aktuell national Legislatioun duer geet fir géint eventuell Mëssstänn unzekommen ? Wa neen, wéi eng legislativ Initiative wëllt d'Regierung huelen ?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten